

Puriskiris De bolivianesche "Club Senior"

Zu Cochabamba, der zweetgréisster Stad vu Bolivien, ass d'Liewen och fir di eeler Leit net licht. Besonnesch déi, di alleng wunnen an ouni Ënnerstëtzung vun hirer Famill, kënnen di wesentlech Grondbedürfnisser net erfëllen. Sou verbréngen vill eeler Fraen hir Zäit dobaussen a versichen, duerch de Verkaf vu Séissegkeeten oder gestréckte Saachen e puer Bolivianos ze verdéngen.

D'Fundacion Cristo Vive huet dowéinst de Projet Puriskiris an d'Liewe geruff. Et sinn elo 60 Persounen tëschent 65 an 92 Joer, déi zu Cochabamba e Raum fannen, wou si sech kënnen ophalen. Ee Sozialaarbechter a verschidde Volontaire stinn de Senioren zur Säit, bei Froen ewéi: wou kënne si e gratis Mëttegiesse siche goen, wat maache bei gesondheetleche Problemer? Déi bedürfteg eeler Leit kréien och ganz konkret Hëllef, duerch Liewensmëttel a Géigestänn vum deegleche Gebrauch, déi hei regelméisseg ausgedeelt ginn.

De Responsablen ass de respektvollen Ëmgang mat der eelerer Generatioun ganz wichteg; dowéinst sinn d'Gespräicher an d'Aktivitéite mat hinnen e wesentleche Bestanddeel vun der Aarbecht.

Andamos! ënnerstëtzt de Projet Puriskiris doduerch, dass mer d'Pai fir ee Sozialaarbechter iwwerhuelen, mat engem Engagement fir di nächst 3 Joer, an ausserdeem fir Materialkäschte wäerten opkommen.



Projet am Chile

Den Teatro Bus liewt!

Dem Diane Catani säin Projet zu Santiago am Aarmevéirel Recoleta gehéiert méttlerweil fir vill Kanner zu hirem feste Programm. Si kënne sech beim Sol, der „Moljoffer“, mat Faarwen a Pinselen ausdrécken a sinn hei ganz konzentréiert bei der Saach. Méttlerweil sinn am Quartier schon zwou Maueren vun de Kanner verschéinert ginn!

Och den Theateratelier, dee vum Enri geleet gëtt, fuerdert d'Kanner: sech dättelech ausdrécken, haart schwätzen, a sech dem Publikum stellen, dofir brauch een Courage, och Disziplin, Equipegeescht an e gesond Selbstwäertgefill. Wann



den Teatrobuss de Kanner des Eegeschaften kann vermëttelen, dann hu si wierklech eppes fir d'Liewe mat op de Wee kritt.

D'Diane gesäit, dass a sengem Quartier nach vill Aarbecht ze maache bleift; Jonker, déi riskéieren, an de Drogemilieu ze rutschen, brauchen Alternativen!

Wann Dir dem Diane Catani säin engagéierte Projet wëllt besser kenneléieren, dann informéiert lech iwwert den <http://teatro-bus.weebly.com/> oder bei <http://www.youtube.com/watch?v=74BTpxx32IE>

Andamos! asbl

3, rue Michel Rodange

L-7681 WALDBILLIG

Tel 26 81 08 29

www.andamos.lu info@andamos.lu

BCEE LU80 0019 2955 3635 3000

Weider Informatiounen kritt Dir bei:

Carmen Seyler a Luc Azzeri

Liesie Gompelmann a Fränk Arend

Marc Frieden an Nadine Lamesch



i Andamos!
zesumme mat Latäinamerika



n. 4
2012 - 2013

Virwuert

Foto: A. Wagner (Wort)



2012 kucke mir op e Joer mat vill Aarbecht zréck. Den Haaptakzent vun eisem Engagement hu mir dëst Joer op Sensibilisatioun geluecht. Mat enger Fotoausstellung hu mir op Land a Liewen a Bolivien opmierksam gemaach a konnten dës ee Mount laang am Ancien Cinéma zu Veianen weisen. D'Fotoe fir d'Ausstellung hu mir selwer gemaach, genausou wei den Drock an Presentatioun. Do dernieft hu mer ee klengt Begleetheft erausginn. D'Ausstellung geet nach weider op d'Rees a gëtt d'nächst Joer op verschiddenen anere Platzen am Land gewisen. Den éischte Rendez-vous ass zu Esch-Uelzecht am CHEM.

Nierft der Sensibilisatioun hu mer awer och no eise Projete gekuckt, hei geet de Luef virun Allem un eis Partner, déi fir d'Realisatioun zoustänneg waren.

Gléckwënsch schécke mir un eis Partner. D'Diane Catani (Teatrobus) aus dem Chile huet am August e klenge Jong, den Noah kritt an d'Nicola Wiebe, eis Partnerin a Bolivien huet Zwillingen, d'Anna an de Mateo op d'Welt bruecht. Hinnen an hire Famille wënsche mir alles Guddes!

Projeten a Bolivien

Zu Bella Vista ass dëst Joer eise Projet **TRABAJO CON PADRES** ("Elternarbeit") zesumme mat den Eltere vun den Spillschoulskanner weidergefouert gin. D'Analia, d'Responsabel vum Projet op der Plaaetz, weist ëmmer erëm drop hin, wéi wichteg et ass, d'Elteren mat an d' Schoul anzebannen. Mat verschiddene Workshops zu den Themen 'gesond Ernährung', 'gutt Behandlung vum Kand' oder 'Entwécklung vum Kand' gëtt probéiert, den Elteren eng besser

Bezéiung zu hire Kanner ze erméiglechen an d'Schoul als eng positiv Institutioun ze weisen. Des Formatiounen fir d'Elteren gi gutt ugeholl a wäerten weidergefouert gin.

D'Analia mécht awer och Hausbesich, wann zum Beispill Hiweiser op eng Mësshandlung virleien oder wann et offensichtlech ass, dass d'Kanner vernoléisseggt ginn.

STIPENDIUM FIR ENG STUDENTIN

D'Silvia Merida Arispe as eng jonk Fra vun Tirani, engem Staddeel vu Cochabamba. Seng Mammesprooch ass Quechua, sou huet hatt liicht Kontakt mat de Kanner an den Elteren aus der Géigend. Seng Formatioun als Assistante sociale wäert der Fundacion Cristo Vive vun Notze sinn, a kann dem Silvia säin Liewensënnerhalt sécheren.

Hei e puer Wierder vum Silvia selwer:



"Mäin Numm as Silvia Merida. Mir geet et ganz gudd. Bei menge Studie kommen ech gudd virun an ech sin frou an dankbar, dass dir mech dobäi ënnerstëtzt. Do dernieft schaffen ech all Dag an der Fundacion, wou ech vill Spaass un der Aarbecht hunn. Ech halen en A op déi sozial Situatioun vun de Spillschoulskanner an halen dëst op enger adminstrativer Fiche fest. Ausserdeem maachen ech Hausvisiten bei verschiddene Kanner doheem."

Och d'**HAUSAUFGABENHËLLEF** fir Bella Vista an Tirani leeft weider. Et weist sech ëmmer méi, dass vill Kanner an der Schoul net gutt mat weider kommen. Doheem kann keen hinnen hëllefen well d'Elteren dacks selwer keng Schoul besicht hunn. Oft ginn et och am Elterehaus Alkoholproblemer oder et bleift wéinst der viller Aarbecht einfach keng Zäit fir sech ëm d'Kanner ze këmmere. Duerch d'Hausaufgabenhëllef gëtt probéiert, dës Kanner eng besser Chance ze ginn, fir hir Primärschoul ze packen an duerno eng Ausbildung ze maachen.

De **PARRAINAGEPROJET** fir d'Internatschüler vun der Handwierkerschoul Sajarinapaj geet elo an säi fënneft Joer. Dëst war den éischte Projet vun *Andamos!* a Bolivien. Mëttlerweil hunn déi éischt Schüler, déi am Internat gewunnt hunn, hir Ausbildung mat Erfolleg ofgeschloss an goufen an d'Beruffsliewen entlooss. Des Formatioun hätte vill vun hinnen ouni den Openthalt am Internat net kënne maachen. Wann Dir drun interesséiert sidd, och e Parrainage vun 20.-€ de Mount ze iwwerhuelen, dann zéckt net a mellet lech iwwert info@andamos.lu oder bei engem vun eise Memberen.



DE GESONDHEETSPROJET

Op Wonsch vun eisen Usprechpartner zu Tirani hu mir d'läsch Joer de Gesondheetsprojet weidergefouert. Dës Projet besteet zum Deel aus engem Noutfallfong, deen gebraucht gëtt fir méi aussergewéinlech Noutbehandlungen duerchzeféieren, déi ouni des Suen net méiglech wäeren. Zum

aneren Deel goufen iwwer dës Projet och Kontrolle vun den Zänn bei de Spillschoulskanner duerchgefouert. Ganz vill vun den Ënnersichten hunn doropshin och eng Behandlung krit. Wëll vill Kanner och ënnererniert sinn, goufen ob Uroden vum Dokter op der Plaaetz Nahrungszousätz kaaft fir d'Kanner mat den néidegsten Vitaminen ze versueren.